


RADIOAMATEURS DU LUXEMBOURG

Section Luxembourgeoise de l'I.A.R.U.
Membre Fondateur de l'I.A.R.U.





MEGALIFT S.A.

MIR BEWEEGEN ALLES

Megalift S.A. | Zone Industrielle | B.P. 42 | L-7701 Colmar-Berg
Tél.: +352 85 85 59 | E-mail: info@megalift.lu | Web: www.megalift.lu



Sommaire 2/23

Säit	Titel	Auteur
2	Editorial: Et deet sech eppes...	LX2AU
3	Organisation et services du RL	Red.
5	Publicité Ets. Ries	
6	WRTC 2023	LX2AU
7	Nationalen FT8 contest	LX1HD
8	Matdeelung vum ILR	Red.
9	Aus dem QSLbüro	Red.
10	De JOTA 2023	1NR; 1KQ
13	Lizencours 2023 - 2024	LX3GR
16	Di nei Entry-level Lizenz	LX2AU
19	Hamradio Friedrichshafen 2023	LX2AU
21	Eng nei Allocatioun bei 40 MHz?	LX2AU
25	Summer Space Festival 2023	LX2AU
28	Exposé a Bastelatelier an der Bartrénger Schoul	LX2AU
29	SaarLorLux - Treffen 2023	DK4XC
31	Callbook RL 2023	Red.
42	40 MHz an der Belsch genehmegt!	LX2AU
43	Congrès UBA 2023	ON5OO
45	UBA: activités jeunesse	ON6TI
49	YL event SP88YL	LX2DU
54	MN7 - station de TSF	I. Boone
58	Special events	Red.
61	Vun der IARU matgedeelt...	Red.
65	Radiobastele mam Fränk 2AU	LX2AU
70	Noruff op de Jéiss LX1DK	LX1MA
71	Nachrichten aus DL	Red.

Editorial: Et deet sech eppes...

Chers membres du RL,

Et deet sech eppes... il y a des choses qui bougent... Cette rentrée, après des mois assez moroses, se montre assez prometteuse. Il y a deux sujets qui méritent notre attention: une nouvelle allocation pour le service radioamateur et une nouvelle licence pour faciliter l'entrée dans le 'métier' de radioamateur.

La nouvelle allocation se situera aux environs de 40 MHz, donc à mi-chemin entre la HF et le VHF. Certes, on n'est qu'aux débuts, car pour le moment, il y a à peine une douzaine de pays qui ont opté pour cette allocation.

La nouvelle licence d'entrée se situera en-dessous du niveau novice. Avec un minimum de théorie et le nécessaire en matière de législation, comptons de recruter des amateurs potentiels qui, plus tard, espérons-le, opteront pour une licence novice ou même HAREC.

De plus, chose nouvelle au RL. Enfin, nous avons pris l'initiative de nous montrer au grand public lors de manifestations du genre Science Festival ou Summer Space Festival. Les ateliers de bricolage proposés avaient un grand succès auprès d'une 'clientèle' jeune, issue de l'enseignement primaire. Idem pour un exposé assez théorique sur la radio, suivi d'une séance d'assemblage d'un kit radio FM à l'école de Bertrange.

Sur le plan national, les pourparlers avec le régulateur porteront sur la licence d'entrée et l'allocation à 40 MHz. Une première réunion est prévue pour la mi-septembre.

Quant à l'international, retenons la conférence générale de la IARU région 1 et la WRC-23 qui se tiendront en novembre de cette année. Là encore, il y a sujet à discussion: le problème de la bande de 23cm (satellites de radionavigation et radioamateurs) demande une solution, et il faut se concerter sur les nouvelles allocations et la licence 'entry level'. Faut avouer que ça bouge...

Bonne lecture, Frank LX2AU

Organisation et Services du RL

Président d'Honneur: Armand Erpelding LX1MA Membres d'Honneur: Jean Spautz
Edmond Toussing
Heinz Nauerz DK4XC

Comité

Président	Mich Friederich LX1KQ	Trésorier	Arsène Thill LX1TB
Vice-Présidente	Mendaly Ries LX2VY	Trésorier adj.	Bob Staar LX1BS
Secrétaire	Nico Reuland LX1NR	Membre	Romain Weber LX1RW
Secrétaire adj.	Mendaly Ries LX2VY	Membre	Philippe Luty LX2A

Managers

Awards	LX2A	Members Relations	Comité
Beacon and Repeater Coordinator	LX1DB	Pins, Stickers, Badges and Flags	Comité
Digital Communications Coordinator	LX1TB	QSL Bureau Incoming	LX2VY
EMC, BCI, TVI	Comité	QSL Bureau Outgoing	LX1KQ
Exam preparation	LX3GR	LX HF Contest	LX2A
IARU Relationship Officer	LX1KQ	RL Library	Comité
JOTA / Scouts	LX1NR	Shack Coordination	Comité
Insurance	Comité	SNJ	Comité
LX Callbook Update & Publication	Comité	VHF, UHF, SHF Manager	LX1JM
Relationship with ILR	LX1IQ LX1LC	Webmaster rl.lu	LX1NR
Relationship with Administrations	LX1KQ	Youth Coordinator	LX1BS

Impressum

Réunions mensuelles:

- Le premier mercredi de chaque mois, sauf mars et août, à partir de 19h30 dans une salle de la pizzeria « San Marino », 11, rue de la Montagne, L - 3391 Peppange, sans collecte et distribution des cartes QSL (sauf demande expresse à qsl@rl.lu).
- Réunion « Soirée Club » au shack RL à Eisenborn chaque dernier vendredi du mois à partir de 19h00 avec collecte et distribution des cartes QSL.

Shack du RL: 5, rue de la Forêt, L-6196 Eisenborn (QTH LX0RL)

Compte en banque: IBAN LU11 1111 0321 8780 0000 (BIC: CCPLULL)

Informations du RL pour non-membres: Comité du RL Email: rl@rl.lu

Pages web du RL: <https://www.rl.lu/> et <https://www.facebook.com/RLX.LU>

Adresse postale: RL asbl. BP. 1352 L-1013 Luxembourg

Bulletin du RL: publication semestrielle du RL asbl.

Newsletter du RL: publication mensuelle aux abonnés par Email.

Editeur responsable: Radioamateurs du Luxembourg RL asbl.

Rédaction newsletter: Nico Reuland LX1NR Email: newsletter@rl.lu.

Rédaction bulletin: Frank Wilhelm LX2AU Email: bulletin@rl.lu. Tél.: 26803623

Délais de rédaction: édition du printemps: 2 semaines après l'assemblée générale.

édition d'automne: 15 Septembre

Impression: Imprimerie WIRmachenDRUCK GmbH, D-71522 Backnang (Allemagne)

Publicités: pages intérieures: 50.- € pour 1/2 page, 100.- € pour 1/1 page; 200.- € pour 1/1 page, couverture intérieure, couleurs. Les prix s'entendent par édition.

Les articles publiés n'engagent que la responsabilité de leurs auteurs.

La rédaction se réserve le droit d'éditer les textes soumis pour publication.

Groupes de travail:

APRS	LX1CU, LX1TB
ARDF	LX1JU, LX1WJ
ATV	LX1PL, LX1JM, LX1DB, LX1WJ
CW	LX1ML, LX2AU
Digital Voice Communications	LX1IQ, LX3JL, LX1JM, LX1TB, LX1KX, LX1CU, LX1WJ
FT8	LX1HD, LX1TI
Preparedness & Resilience	LX2VY, LX1RW, LX1BS
Packet-Radio (AX.25+TCP/IP) Hamnet	LX1TB, LX1JU, LX3GR
Newsletter	LX1NR, Comité RL
Voice Repeater	LX1JM, LX1PL, LX1JU, LX1CU, LX1TB, LX1WJ
YL activity group	LX2VY

Pour plus d'informations sur les groupes de travail (WG), veuillez contacter le coordinateur Arsène LX1TB (lx1tb@rl.lu).



RZ Location

**au cas où vous êtes intéressé à louer un camion
élevateur,**

contactez-nous au 799 137 ou info@ejr-ries.lu



<http://ejr-ries.lu/>



WRTC 2022

LX0RL huet bei der World Radiosport Team Championship matgemat an en Diplom mam Score als 'QSL' kritt. Wéinst dem Covid ass d'Editioun 2022 op 2023 verluet gin. De Rendez-vous war vum 4. bis den 10. Juli 2023 zu Bologna an Italien. Am Bulletin 2/22 war ee gréisseren Artikel iwwert deen Event.



De Score: 750 Punkten; 75 QSOën; 53 geschaffte WRTC-Stationen op 4 Bänner an 1 Mode. Opérateur war de Mich 1KQ, QRV an SSB.

LX0RL ass de 934ste vun 10593 Participants'ën.

Di nächst WRTC ass 2026 a Groussbritannien.

Frank LX2AU

Nationalen FT8 contest



LX8FTDM war QRV vum 1. bis den 31. August 2023.

Geschafft goufen:

DXCC (340)	136	WAE (69)	61
CQ Zonen (40)	37	US Staaten (50)	50
IOTA	70	US Counties	350
Locatoren	1.000		

Mir waren zu 3 am Team: den Heng LX1HD; de Carlo LX1TI an de Jean-Marie LX1JH.

Mat 5.066 QSOë konnte mir dësen Event zefridden ofschléissen a freeën ons schons op d'nächst Joer 2024. Ee groussen Merci geet un den RL vir seng organisatoresch Ënnerstëtzung an Hëllef, an natierlech un all Funkamateuren di hei matgeschafft hunn.

Heng LX1HD

Matdeelung vum ILR

CHANGEMENT À LA DIRECTION DE L'ILR

Nouvelle directrice adjointe de l'Institut luxembourgeois de régulation à partir du 1er mai 2023.

L'ILR a le plaisir d'annoncer que Madame Sandra Wietor a été nommée membre de la direction de l'ILR avec effet au 1er mai 2023 pour une durée de sept ans.

Sandra Wietor succède à Michèle Bram dont le mandat vient à échéance le 30 avril 2023 et qui a décidé de faire valoir ses droits à la retraite.

Sandra Wietor est juriste et a rejoint l'ILR en 2004 où elle occupe depuis 2009 la position de chef du service juridique.

Luc Birgen, juriste, qui a intégré l'ILR en 2007, exercera à partir du 1er mai 2023 les fonctions de Sandra Wietor à la tête du service juridique de l'ILR.

Pressecommuniqué vum 2. Mee -Red.

o o o O O O o o o



Ok, tu toucheras qu'une fois...

Aus dem QSLbüro

E Groupe dee méi hannert de Kulisse schafft, ass de QSLbüro. Alles wat erakënnt, get esou séier wi méiglech sortéiert. Beim QSLout hëlleft et vill wann den Op. séng Kaarten dem DXCC no sortéiert. De Büro muss och alles wat zréckgeet, de Länner no sortéieren. Onsortéiert Kéip maache just Misär an lenger!

Als leselsbréck kann een d'DXCC-löscht vun eiser Websäit mat bäi huelen, a vläicht se als Fichier op den Handy eroflueden.

Hei ee klenge Rappel, wéi een d'Kaarte gruppéiere soll:

Länder bitte zusammenfassen / Veuillez regrouper les pays!

Beispiele / Exemples:

M oder 2E, 2W gehört in den Stapel / est regroupé sous G

EB, EC, AM oder AO gehört in den Stapel / est regroupé sous EA

TM gehört in den Stapel / est regroupé sous F

J4, SX gehört in den Stapel / est regroupé sous SV

7S, 8S gehört in den Stapel / est regroupé sous SM

5P gehört in den Stapel / est regroupé sous OZ

7J, 7N, 8J, 8N gehört in den Stapel / est regroupé sous JA,

C4, H2, P3 gehört in den Stapel / est regroupé sous 5B

BU - BX ist / est Taiwan (nicht China / pas Chine)

BY-BZ, BR-BT ist / est China / Chine

RA - RZ und UA - UI (Russland / Russie) zusammenfassen zu / est regroupé sous UA

UR - UZ (Ukraine) zusammenfassen zu / est regroupé sous UR.

Vielen Dank / Merci beaucoup!

De QSLbüro, 1KQ, 2VY an 2AU (Aushëllef)

De JOTA 2023



De Jamboree on the Air, ofgekierzt JOTA, ass eng international Scouts a Guiden Aktivitéit déi järelech ofgehale gëtt, an zwar den drëtte volle Weekend am Oktober. Als Ergänzung zu den internationalen Jamboreeën, déi jo nëmmen all véier Joer stattfannen, gouf et vum Leslie R. Mitchell, e Scout a Radioamateur, geschaaft fir d'Zäit tëschent den Jamboreeën ze iwwerbrécken. Den éischten JOTA war am Joer 1958, dëst Joer ass et deen 66te JOTA um Weekend vum 20. op den 22. Oktober. Dëst gëtt elo als dee gréissten Event ugesinn, deen all Joer vun der Weltorganisatioun vun der Scoutsbewegung organiséert gëtt.

Funkamateuren aus der ganzer Welt hëllefen de Scouten a Guiden fir hinnen ze erméiglechen iwwer Funk weltwäit Scouten a Guiden ze kontaktéieren. D'Scouten a Guiden ginn och encouragéiert duerno Bestätigungen ze schécken, bekannt als "QSL Kaarten".

Parallel zum JOTA huet sech en Jamboree um Internet (JOTI) entwéckelt. D'Scouten, duerch d'Benotzung vun ugepasste Programmer, kënnen aner Scouten weltwäit iwwer Internet kontaktéieren. Gemeinsam Kommunikatiounsmethoden enthalen ScoutLink (IRC), E-Mail a Voice Over Internet.

D'Nika Gorovska vum Welt Scout Comité als Kontaktpersoun fir de JOTA-JOTI seet dat heiten:

"De JOTA-JOTI bitt eng genial Geleeënheet fir méi jonk Leit mateneen ze verbannen an ze beschäftegen wéi all aner Plattform oder Event op der Welt.

De Scoutsweltbüro huet eng kloer Visioun fir 2025: "Bis 2025 wäert de JOTA-JOTI eng interkulturell Gemeinschaft vu 5 Milliounen jonke Leit kreéieren déi duerch eng gemeinsam Erfahrung verbonne sinn fir eng besser Welt ze bauen."

Dës Visioun ass ambitiéis, awer d'JOTA-JOTI Team ass zouversiichtlech datt et mat eisem kollektiven Engagement, Energie an Talent erreechbar ass. Merci datt Dir Deel vun der Equipe sidd, déi dëst mécht!

Et ass entscheidend datt mir e super 2023 Event liwweren während mir d'Fundament fir d'Zukunft vum JOTA-JOTI bauen.

Et kënn nach villes no, mee zéckt net an der Tëschenzäit Froen ze stellen oder Är Gedanken ze deelen. D'WOSM JOTA-JOTI Team ass engagéiert Iech informéiert an engagéiert ze halen wa mir zesummen op dës spannend Rees starten.”

De Lëtzebuerger JOTA-JOTI-Team ënnert der Leedung vum “Scouting in Luxembourg” huet eng eegen Homepage wou een all néideg Informatiounen fënnt fir de JOTA-JOTI-Weekend ze organiséieren. Wann een fir d'éischt op dës Säit geet ass ee vläicht iwwerfuerdert mat deem Koup un Informatiounen an techneschen Detailer. Dofir soll een an deem Fall einfach Kontakt mam JOTA-Team ophuelen. Si hëllef gär mat Rot an Dot, verschidde Material kënnen si och ausléinen. D'Adress ass www.jotajoti.lu.

Néckel LX1NR

PS vun der Redaktioun:

Dëst Joer ass de JOTA mat der Statioun LX9S vu Mondorf aus de Weekend QRV. Ausser de Kollege vum RL wäerten och nach eng Rutsch aanerer, ob Scout oder Radioamateur, do mathëllef.

Samschdes ëm 4 Auer ass di traditionell QST-Emissioun iwwert d'Relais'ën LX0LU (145,700 MHz), LX0HI (145,725 MHz) an LX0DMM (145,5875 MHz).

A fir datt et net ze langweilig gett, ass och nees eng Bastelaktioun geplangt. Do kann ee sech e flotten Elektronik-gadget zesummebauen an hanneno mat heem huelen.

Frank LX2AU

66th JOTA October 20-22th, 2023

For the 6th time, HB9S will be on the air as LX9S, the World Scout Bureau Global Support Centre with several stations on HF (SSB, CW, FT8, SSTV) and also on QO-100, operated by a large team of scouts.

Our new QTH will be near Mondorf-les-Bains, locator JN39DL.



The LX9S team in 2022

RL members who would like to visit the LX9S JOTA station are asked to register in advance by sending an email to lx9s@rl.lu.

Mich LX1KQ

Lizencours 2023 - 2024

Programm an Agenda

Dëst Joër bitt den RL, ewéi soss di Joren, den Interesséierten ee Lizencours un. Hei ass de Programm an de Kalenner vun de Séancen. De Cours fängt dës Kéier eréischt den 15. Januar un a geet bis d'Päischtvakanz.

Examensdatum

Den Examen ass Dëschdes no der Päischtvakanz, de 4. Juni 2024 am ILR. De Moment wësse mer nach net, bis wéini een sech umelle muss. Esou baal wéi mer eppes hun, gett den Datum am Newsletter an op der RL-Websäit publizéiert.

No	Datum	Instrukter	Sujet
1	15.01.24	LX3GR	Mathematische Grundkenntnisse und Einheiten
2	18.01.24	LX3GR	Spannung, Strom, Wechselstrom, Frequenz und Effektivwert
3	22.01.24	LX3GR	Der Widerstand und seine Grundsaltungen
4	25.01.24	LX3GR	Der Kondensator
5	29.01.24	LX3GR	Die Spule, der Transformator
6	01.02.24	LX3GR	Die Diode und ihre Anwendungen
7	05.02.24	LX1BF / LX2LU	Transistoren und Verstärker
8	08.02.24	LX1BF / LX2LU	Schwingkreis und Filter
	12.02.24		Fuesvakanz
	15.02.24		Fuesvakanz
9	19.02.24	LX1BF / LX2LU	Oszillator und HF-Verstärker
10	22.02.24	LX1BF / LX2LU	Grundlagen der Digitaltechnik / Übungen zum Transistor
11	26.02.24	LX3GR	Die Modulation
12	29.02.24	LX3GR	Modulation und Demodulation
13	04.03.24	LX3GR	Übertragungstechnik
14	07.03.24	LX3GR	Frequenzaufbereitung
15	11.03.24	LX3GR	HF-Leistungsverstärker
16	14.03.24	LX2AU	Das Dezibel und der Leistungspegel
17	18.03.24	LX2AU	Rechnungen mit Dezibel
18	21.03.24	LX2AU	Das elektromagnetische Feld, Magnetwerkstoffe
19	25.03.24	LX2AU	Wellenausbreitung auf Kurzwelle
20	28.03.24	LX2AU	Wellenausbreitung auf VHF/UHF/SHF etc.
	01.04.24		Ouschervakanz

	04.04.24		Ouschtervakanz
	08.04.24		Ouschtervakanz
	11.04.24		Ouschtervakanz
21	15.04.24	LX1KQ	Amateurfunk und Computer (dése Cours ass zu Eisenborn am Shack)
22	18.04.24	LX1LC	Antennenbauformen, Kennwerte von Antennen
23	22.04.24	LX1LC	Kabel und Stecker, Hochfrequenzleitungen, die Anpassung
24	25.04.24	LX1LC	Sender- und Empfangstechnik
25	29.04.24	LX1LC	Transceiver und HF-Eigenschaften
26	02.05.24	LX1NR / LX1JPG	Hochfrequenzmesstechnik, Elektromagnetische Verträglichkeit (EMV)
27	06.05.24	LX2A	Betriebsarten, Funkbetriebstechnik
	09.05.24		Europadag (Christi Himmelfahrt)
28	13.05.24	LX2VY	Nationale Gesetzgebung
29	16.05.24	LX2VY	Internationale Gesetzgebung
	20.05.24		Päischtméindeg
30	23.05.24	LX3GR	Gesamtwiederholung
	27.05.24		Päischtvakanz
	30.05.24		Päischtvakanz
	04.06.23		Examen beim ILR

De Cours gett am Lycée Technique du Centre, 106, avenue Pasteur, L-2309 Luxembourg, am Sall 113 oofgehaalen.

Wéini: Méindes an Donneschdes

Ufank vun de Séancen: 19:00 Auer

Enn vun de Séancen: 21:00 Auer

Instrukteren:

LX3GR Gilles Risch; LX1BF Frank Bauler; LX2LU Alain Neuens;

LX2AU Frank Wilhelm; LX1KQ Mich Friederich; LX1LC Claude Lenert;

LX2A Philippe Luty; LX2VY Mendaly Ries; LX1NR Nico Reuland; LX1JPG Jean-Paul Gilles

Buch fir de Cours:


Harald Zisler DL6RAL

Amateurfunk - Das umfassende Handbuch

Gilles LX3GR (coordinateur cours)

=== 0 0 0 ===

Relaiskaart LX



Di nei Entry-level Lizenz

Schons méi laang huet en Deel vun de Radioamateuren d'Iddi vun enger drëtter Lizenz propagéiert. Di Diskussiounen si sporadesch op verschiddene Club-websäiten opgetaucht. Daat sollt eng Lizenz sinn fir Goût um Amateur Radio ze kréien.

Sie soll ganz einfach gehaale sin, just den absolute Minimum un technescher Théorie, mat méi Poids op d'Légisatioun, datt de Kandidat weess waat en dærf a wat net. Natierlech ass se a Punkto Frequenze nach méi restriktiv ewéi d'Novice-lizenz.

D'CEPT, d'Conférence Européenne des Postes et Télécommunications, huet duerch eng Recommandatioun (CEPT - ERC rapport 89) di legal Basis geschaaf. Daat geet awer net duer: All Land, daat déi Lizenz aféiere wöllt, muss daat iwwee di zoustänneg Verwaltung a nationalt Recht ëmsetzen.

Den ILR huet dem RL säin Avis gefroot, wéi a waat mer eis do géngé viirstellen, a wéi een daat praktesch ëmsetze kënn.

Hei eise Bréiw vum 31. August un den ILR (Extrait):

*Mise en place d'un nouveau certificat Entry Level RA - Certificat de base RA;
Votre mail du 31-07-2023*

Madame Mumdzic,

Nous vous remercions pour votre mail du 31-07-2023 et vous avons le plaisir de vous envoyer les réponses suivantes:

Limitations techniques préconisées

Pour le certificat de base RA nous proposons l'utilisation des bandes suivantes: 10m, 2m, 70 cm. Pour 10m nous proposons une puissance de 25W, pour 2m et

70 cm une puissance de 50W. Puisqu'il s'agit d'un certificat de base, pour le garder simple, nous proposons que les puissances soient mesurées à la sortie de l'émetteur et que le gain d'antenne et l'atténuation du câble coaxial ne sont pas considérés.

Proposition individuelle qui décrira en détail le contenu/programme et l'organisation du nouveau certificat proposé aux candidats par le club

En ce qui concerne le contenu nous proposons de nous aligner au catalogue de l'institut belge des services postaux et des télécommunications, page 32-40 du document «Règlementation Amateurs en Belgique.pdf» en annexe.

Le RL voit principalement les jeunes comme groupe-cible du nouveau certificat, pour cette raison nous proposons des cours pendant 2 weekends consécutifs, ensuite un examen la semaine qui suit (mardi ou jeudi après-midi) ou bien le weekend qui suit. L'examen pourrait être organisé par des représentants de RL et de LARU, sans nécessairement la présence de représentants du ILR. En termes de frais, pour encourager les jeunes, nous ne proposons pas de frais pour l'examen et une redevance annuelle de 12 Euro.

En ce qui concerne l'indicatif, nous proposons ou bien un indicatif avec préfixe LX7xxx ou LX10, ou bien un indicatif commençant avec LX6Exx.

Suggestions d'un nouveau catalogue de questions pour le certificat de base RA

Nous sommes capables de faire des suggestions, une fois que le programme est défini.

Suggestions quant à la brochure Radioamateur existante

Il semble que le règlement F14/01/ILR n'est plus valable et doit être remplacé par F17/1/ILR du 20/12/2017. Concernant les procédures relatives à l'Environnement (établissements classés), la puissance dans la classe 3 est entre 50 W et 2500 W, non entre 100 W et 2500 W.

D'après notre connaissance la redevance de 120,00 EUR par certificat pour un certificat d'opérateur pour radioamateur n'est plus sur une périodicité de dix ans, mais à vie.

Lors de la réunion le 19.09.23 le RL sera représenté par Mendaly Ries LX2VY et Claude Lenert LX1LC.

Nous restons à votre disposition en cas de questions.

Signé: Mich Friederich LX1KQ, président Nico Reuland LX1NR, secrétaire

D'Madame Mumdzic ass di zoustänneg Juristin beim ILR fir déi dooten Affaire. De 19. September war eng Réunioun am ILR, wou den RL mat derbäi war. Well daat eréischt nom Redaktiounsschluss vum Bulletin war, könne mer hei de Moment nach neischt Konkretes matdeelen. Wann et eppes Neits gett, gidd der daat am Newsletter oder spéitestens op der nächter AG gewuer. Op jiddefalls ass den ILR gewöllt do eppes ze maachen, an déi éischt Kandidate mat an den Examen am Juni (!) ze huelen.

Wéi gesäit et bei eise Noperen aus?

De Moment (ugangs September) gett et eng Entry-level-lizenz an der Belsch. Do hun och schon di éischt Kandidaten hieren Exame gemeet. An Däitschland ass ee Gesetz duerch, mee di éischt Exame wäerten eréischt op der nächter Hamradio oofgehaale gin, well d'Gesetz eréischt an engem Joër a Kraaft trëtt. A Frankräich, gleewen ech kaum datt do eppes passéiert, well d'Fransouse och d'Novice-lizenz net agefouert hun. Do heescht et 'HAREC oder neischt'. Deene leschten Infoë no, wëllt Italien eng Entry-level-lizenz aféieren, esouguer mat Accès op 80 a 40m! Et ka sinn datt Holland sech der Saach uschléisst (BENELUX). Do mecht all Staat wéi hie wëllt. D'Allocatioun vu Funkfrequenzen ass nun emol en 'droit souverain'. Et ass de Moment esou datt als gemeinsame Nenner en Accès op 10m, 2m a 70 cm geplangt ass.

Frank LX2AU

Hamradio Friedrichshafen 2023



HAM RADIO
46. Internationale Amateurfunk-Ausstellung
23. - 25. Juni 2023
Messe Friedrichshafen
Radioamateurs du Luxembourg
Hallen-/Stand-Nr.: A1-799
OFFIZIELLER PARTNER
DARC
Die Nr.1 in Europa!

D'Hamradio war dëst Joër de Weekend vum 23. bis de 25. Juni. Et war di 46. Editioun an et waaren eppes iwwer 11000 Visiteuren do. Daat war méi ewéi d'läscht Joër, wou de Corona nach méi ewéi een oofgehaalen huet, de Week-end op Friedrichshafen ze

fueren.

Et waaren och méi kommerziell a Floumaart - Aussteller do ewéi d'läscht Joër, ongeféier 10% méi. Ob jiddefalls waaren d'Direktioun an d'Organisateure vum DARC méi wéi zefridde mam Resultat.

Di 46. Editioun stung ënnert dem Motto: "Wir machen MI(N)T - We are all about STEM". MINT steet fir Mathematik - Informatik - Naturwëssenschaft an Technik. De englesche Pendant ass STEM: Science - Technology - Engineering and Mathematics. Eng Partie Aktivitéite waaren op ee jonke Public ausgeluet, fir datt sie Saachen ausprobéieren an och ënner Obsicht eppes bastele konnten. Den Ham Rallye waar ee Rallye mat 25 Statiounen, wou di Jonk hier Kenntnisser teste konnten. Enner aanerem konnten sie Morsetelegrafie ausprobéieren oder awer beim QSL-kaarte-quiz matmaachen. D'Statioun vun der ARRL haat ee Quiz iwwert di eenzel Staate vun den USA préparéiert.

Den RL haat dëst Joër nees ee Stand niewt den Hollänner an de Belsch. Vun eis waaren do: de Philippe 2A an de Claude 3CL, de Misch 1KQ an de Kim, den Heng 1HD, de Carlo 1TI, de Jos 1GU, de Paulo 1FP an de Germain 1SG. De Misch, als President vum RL, war an der Versammlung vun der IARU, haat eng Entrevue mat der neier Geschäftsführung vum DARC an de Leit vum QSL-büro.

Eng Réunioun mam Alex IK3KKW, dem Kontaktmann fir d'IARU Region 1 ass op eisem Stand improviséiert gin. Zu gudder Läscht sinn och ee Koup QSLkaarte mat heem kumm. Et waaren der vill manner ewéi d'läscht Joër, an déi waaren dee Weekend duerno och du séier sortéiert.



De Stand vum RL - iert d'Visiteure koumen

Di nächst Hamradio ass de Weekend vum 28. bis den 30. Juni 2024.

Mat Material vum DARC an der ARRL

Frank LX2AU

=== O O O ===

oops... Daisy...!

- Virwaat kann een als Radioamateur d'Pirate net wíelen?
- ?!?
- Déi hu keng Lizenz...

Eng nei Allocatioun bei 40 MHz?

Iwwer 30 MHz ass di leschte Jooren allerhand passéiert. Vir t'éischt kruuten d'Amateuren ee neit Band bei 50 MHz (6m). Well et an deem Beräich keng Fernsehsendere méi gett, ass de VHF - Band I fräi fir aaneres ginn. Spéider koum dunn eng Allocatioun bei 70 MHz derbäi.

Aus der Brochure vum ILR:

50,0 - 52,0 MHz (6m) : Utilisation par le service d'amateur à titre secondaire. Cette bande est attribuée au service mobile à titre primaire.

70,15 - 70,25 MHz (4m) : Utilisation par le service d'amateur à titre secondaire avec une puissance apparente rayonnée ne dépassant pas 10W. Cette bande est attribuée au service mobile à titre primaire.

Eng nei Allocatioun bei 40 MHz (8m)?

Jo, do deet sech scho méi laang eppes. Hei e klengen Historique:

Déi éischt Versich sinn am ISM-Band gemeet ginn. ISM steet fir Instrumental-Scientific-Medical an ass geduet fir Applicatiounen ouni Kabel (z.B. Datentransfer) op kuurz Distanzen, mat max. 10mW Sendeleschtung. Dee Frequenzberäich ass international festgeluet a geet vu 40,660 bis 40,700 MHz.

De John EI7GL schreiw 2021 a séngem Blog:

Allocatiounen bei 40 MHz gett et an dëse Länner:

Croatien 9A (Experimental) 40.660 - 40.700 MHz

Irland EI (sekondär Allocation 30 bis 49 a 54 bis 68,9 MHz mat max. 50 Watt)

Slowenien S5 40.660 - 40.700 MHz zanter 1998

Südafrika ZS 40.675 - 40.685 MHz zanter 2015

Litauen LY (experimental)

Balisen an England G an Dänemark OZ:

OZ: OZ7IGY 40,071 MHz ass als eenzeg weltwäit QRV

G : GB3RAL 40,050 MHz war vir t'lescht 2018 QRV

D'Situatioun am Abröl 2021:

ZS6WAB gouf opgeholl vun SV2DCD; IZ0CBD (Roum); 9H1TX (Malta); SV8CS; CT7ASY (bei Lissabon). Et gouf ugeholl datt et TEP (trans-equatorial propagation) war.

Balisen an Irland EI a Slowenien S5:

EI1KNH (40,013 MHz) nogewise Couverture 800 bis 2000 km (sporadic E)

S55ZMS (40,670 MHz) et get ugeholl datt d'Couverture déiselwecht ass

Eng nei Balise op 40 MHz:

40,016 MHz mat 25 W out un en Dipol mat Strahlungsrichtung Ost - West. Sie send an CW fir eng transatlantesch Couverture bei sporadic E a wann d'MUF iwwer 30 MHz läit, a Richtung USA, Karibik a Südamerika. QTH war net uginn.
(19.5.21 Southgate ARNews)

Am Juli 2021 gouf di éischt experimental Lizenz an den USA accordéiert.

New US experimental station WL2XUP now operational on the 40 MHz band

In June of 2021, the FCC in the USA issued the experimental call sign WL2XUP to conduct tests on the 40 MHz band. The owner of the call, Lin Holcomb (NI4Y) reports that the station is now on air. The license allows for operation between 40,660 MHz to 40,700 MHz with a maximum output of 400 watts ERP. The license was issued on the 17th of June 2021 and it lasts until the 1st of July 2023. As of mid July 2021, WL2XUP is intermittently transmitting WSPR on 40.662 MHz (1500Hz). For FT8 skeds and tests, an ERP of 100 watts can be used.

(Southgate Amateur Radio News vum 19.7.2021)

Denmark's 40 MHz beacon is back on the air

At the end of August 2021, the OZ7IGY 8m beacon on 40.071 MHz was turned off because of a faulty trimmer in the power amplifier stage. At the end of October 2021, after replacing the faulty part it was turned back on.

OZ7IGY Beacons: <http://www.oz7igy.dk/>

(Southgate Amateur Radio News vum 6.11.2021)

Dann, en Highlight am September 2022:

First 40 MHz SSB contact between UK and South Africa

Paul G7PUV reported of his 40 MHz SSB contact with Willem ZS6WAB in Polokwane, South Africa. On Saturday, September 17, 2022, Paul tweeted this about his Trans Equatorial Propagation contact:

In contact with Willem ZS6WAB earlier this afternoon via TEP on 40MHz and the first ZS-G contact using SSB. #8M #hamradio

Paul is one of a number of UK radio amateurs who have applied for a licence to use the 40 MHz band. In South Africa the 40 MHz (8m) band is included in the standard amateur radio licence. Radio amateurs have a primary allocation of 40.675 -40.685 MHz and can run up to 400 watts output.

SARNews 18.9.22

D'Situatioun an der Belsch am Mee 2023:

Den 21. Abröl huet d'UBA dem IBPT eng Propose gemeet fir eng kleng Allocatioun ëm 40 MHz an der Belsch ze kréien. D'UBA proposéiert eng Allocatioun am Beräich 40,660 bis 40,690 MHz mat deenen heite Konditiounen:

Op sekundärer Basis fir Operateure mat HAREC-Lizenz

Maximal Leeschtung 5 Watt ERP a maximal Bandbreet vun 3 kHz

Op individueller Basis, no der Genehmigung vum IBPT

E Logbuch ass obligatoresch, all Sendunge mussen agedroë gin

Dës 2 Punkten sollen et dem IBPT erlaaben, séier an adéquat ze handele wann aaner Servicer gestéiert gi sollten.

Dës Propose ass vum IBPT ugeholl gin, a gouf op der Generalversammlung vun der UBA matgedeelt.

Um Enn vun enger Testphase, déi mindestens ee Mount dauert, a nömme wann déi positiv fir eis ausgeet, wäerte mer offiziell Accès op dëst Bandsegment kréien. Et wäert awer nach e puer Méint dauere bis mer op dem 8 meter-Band senden däerfen. Bis dohin sinn all Aktivitéite vu Radioamateuren op 40 MHz an der Belsch illegal! (Matgedeelt op der Websäit vun der UBA).

D'Situatioun wéi se haut ass:

All dës Länner hun de Moment eng Allocatioun bei 40 MHz: Belsch (ON), Irland (EI), Groussbritannien (G), Dänemark (OZ), Kroatien (9A), Slovenien (S5), Litauen (LY), Südafrika (ZS), Canada (VE), d'USA (W) a Bonaire (PJ4). Si leien alleguer am Beräich 40,66 bis 40,70 MHz. D'Amateuren deele sech d'Frequenzen also mat den ISM-Utilisateuren. Di meeschten Aktivitéit ass ëm 40,68 MHz.

Hei bei eis an LX:

15.Juni 2023 - Telefons-QSO mam Mich 1KQ:

De Jacquot LX1JX huet eng individuell Lizenz fir 40 MHz beim ILR ugefroot a genehmegt kritt. Déi Lizenz ass ee Joër gudd. D'Allocatioun gett och hei bei eis ugefroot. De Bréiw fir den ILR ass an der Maach, an e steet um Ordre du jour vun déer nächter Comitéssitzung.

D'Demande ass de 17. Juli un den ILR gaangen. Eng Äntwert hu mer bis elo nach net kritt.

Also: Affaire à suivre!

Bis dohinner: all Sende-aktivitéiten op 40 MHz sinn esou laang illegal, bis datt mer eng offiziell Allocatioun hun! Mee lauschteren däerf een ömmer...

Frank LX2AU

○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○

Summer Space Festival '23

Den RL op Promotion tour I

De Weekend vum 5. a 6. Mee waar deem 3. Summer Space Festival an der Abtei Neimënster. Dee Festival ass geduet als Promotioun fir alles waat mam Weltraum ze dinn huet, sief et wëssenschaftlech oder kommerziell. De Freideg waar fir Schouklassem a Professioneller reservéiert, an de Samschdeg waar fir de grand Public. Et goufen eng ganz Rutsch Atelieren, wéi e VR Space Escape Room, e Moundrover steieren, oder ee Planetarium. Et konnt een och mat engem Astronaut an d'Gespréich kommen a allerhand iwwert hier Aarbecht gewuer ginn.



Den RL huet vun der Geleënheet profitéiert fir Reklamm fir sech ze maachen. Weltraum-technologie ass jo zanter dem Sputnik 1 en Deel vum Radio-amateurissem. An der Clubréunioun freides viirdrun ass grossomodo de Programm festgeluet ginn, méi à l'improviste well et zäitlech zimlech enk war. Mee d'Satellitestation an d'Sat-antennen hu jo an de Context gepasst. Eng

Novitéit war datt den RL dem Public ee Bastelatelier proposéiert huet, an daat duerch d'Mathëllef vum Stefan ON6TI. D'Kanner sinn ëmmer happy wann et eppes ze kniwwele gett, et muss een se just drop stoussen! Samschdes si mir zäitweis iwwerrannt ginn, d'Kanner hunn alt mol eng hallef Stonn misse waarden bis se dru koumen. D'Bastel war en FM-Radio zesumme léiden, du häss d'Begeeschterung vun de Kanner misse gesinn wann hire Radio bis gaangen ass, einfach immens. U sech war daat eng flott Aktivitéit, mir hunn och lwwerleeunge gemeet wéi mir dat an Zukunft ausbauen a verbessere kënnen (Originaltoun Néckel 1NR).



Ee grouse Merci dem Stefan Dombrowski ON6TI (riets op der Foto), dén um

Stand matgeholfef huet an och de Bastelatelier organiséiert haat.

Frank LX2AU

o o o O O O o o o

Exposé a Bastelatelier an der Bartrénger Schoul

Den RL op Promotion tour II

Freides de 7. Juli haat de Jean-Paul 1JPG eng Stonn zou Bartréng an der Schoul iwwert 'Radiowellen a méi' gehaalen. D'Kanner waare ganz interesséiert an et koume ganz vill a ganz intressant Froën op. Am Exposé huet hien theoretesch an och praktesch Saachen beschwat, wéi Sender an Empfänger, Antennen, Propagatioun an och Radio als dem Radioamateur säin Hobby.

Themen déi op Grond vu Froë behandelt goufen:

Radioaktivitéit (Gamma-Wellen).

De ganzen Spektrum as diskutéiert ginn.

Den Ennerscheid vum Radio zu Handy!

Photonen déi vun engem friemen Stär bei ons ukommen, d'Vitesse vum Liicht.

Ons Galaxie (Kommunikatioun vun engem Enn zum anderen an onser Galaxie).

Mat engem Funktiounsgenerator an enger Drotantenn hu mer en 0,1 μ Watt Sender gebaut a mat engem normale Radio als Empfänger eng Tounfrequenz and duerno och Stëmm (duerch e Micro) iwerdroen. Ech hu missten déi 3. Harmonesch a mengem 40MHz Funktiounsgenerator huelen fier an den UKW-Beräich ze kommen. D'Empfangsdistanz war ongeféier 3 Meter.

Ech hat och en Oszilloskop dobäi fier „Wellen“ duerzestellen, fir d'Visualiséierung vun der Stëmm, Sinus a Rauschen.

Fazit: Well esou vill intressant Froën opkoumen, muss ech di Saach bei enger nächter Kéier e bösse méi kanaliséieren (Jean-Paul 1JPG).

Mëttwochs an Donneschdes drop (12. an 13. Juli) huet de Romain 1RW du mat de Kanner Radioë gebastelt. Sie haten sech immens dorop gefreet a waren alleguer begeeschtert wéi hire Radio herno fonctionnéiert huet.



D'Kanner hun deeselwechte Radiokit zesummegebaut wéi deen, deen am Artikel 'Radiobastele mam Fränk 2AU' beschriwwen ass. Waat mech ëmmer nees erëm wonnert, ass datt sie esou ouni weideres mam Léiden eens ginn.
(Mat Material vum Jean-Paul 1JPG a Romain 1RW)

Frank LX2AU

○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○ ○

SaarLorLux - Treffen 2023



Jacquot Junk LX1JX, Heinz Nauerz DK4XC, Eugen Düpre DK8VR, Mich Friederich LX1KQ

Foto: Henk Abramsen, PD0HLA.

SAARLORLUX-Freundschaftstreffen gut verlaufen

Nach 4 Jahren trafen sich die Funkfreunde aus LX, F, PA und DL vom 16. bis 18. Juni 2023 endlich wieder zum SAARLORLUX-Freundschaftstreffen in der Jugendherberge Weicherdange bei Clervaux. Bedingt durch die Corona - Pandemie konnte das o.g. Treffen nicht früher durchgeführt werden. Am Freitagmorgen (16. Juni 2023) war es endlich wieder soweit, dass wir uns nach langer Zeit in Weicherdange bei Clervaux in der Jugendherberge zum SAARLORLUX - Freundschaftstreffen der lizenzierten Amateurfunker aus vier Ländern wieder treffen konnten.

Es gab viel zu erzählen, unter anderem auch wie die Corona - Pandemie überstanden wurde. Die Funkfreunde aus LX, wie Claude und Claudine Duhr, dem Sekretär des "RL" OM Neckel, LX1NR, sowie Orga-Team-Mitglied OM Jacquot Junk, LX1JX, waren zu Beginn schon fleißig bei der Antennen-Montage.

Mit vereinten Kräften wurden dann noch viele Antennen für alle Amateurfunk-Frequenzen auf dem Herbergsgelände aufgebaut. Kaum waren die Antennen montiert, hörte man bereits das Sonderrufzeichen LX8SAR in Telegrafie, Sprechfunk und anderen Betriebsarten auf allen zugelassenen Frequenzen. Auch OSCAR QO-100 wurde von Claude Wagner LX1US, mit vielen Verbindungen aktiviert. Das Gesellige kam in den 3 Tagen in LX ebenfalls nicht zu kurz. Gemeinsame Mittagessen gab es samstags in einem nahegelegenen Restaurant und sonntags in der Jugendherberge Weicherdange. Einige prominente Gäste wie der Präsident des "RL" OM Mich Friederich, LX1KQ, sowie der DV-Saar OM Eugen Düpre, DK8VR, beteiligten sich am SAARLORLUX-Freundschaftstreffen. Nach 3 Tagen intensiver Gespräche und mit weltweiten Funkverbindungen der Funkfreunde aus Luxemburg, Frankreich, Holland und Deutschland traten die Meeting - Teilnehmer die Heimreise an. Wir möchten uns bei allen Teilnehmern und Helfern bedanken, die dieses Freundschaftstreffen ermöglicht haben.

Heinz Nauerz DK4XC



Henri F6CUC an der CW-Station, Jean-Claude LX1CU beim Antennentest

40 MHz an der Belsch genehmigt!

Mail 1KQ vom 17.9.23:

Belgischen Funkamateuren, die im Besitz einer Lizenz der Klasse A (HAREC) sind, wird ab sofort (vom 1.9.23 an) die Nutzung des Frequenzbereichs 40,660 MHz - 40,690 MHz unter einer Reihe von Bedingungen gestattet. Das vermeldet die Belgische Amateurfunkvereinigung UBA.

Hei den Originaltext vun der UBA - Websät:

Today the Decision of the BIPT Council of 29 August 2023 on the allocation of the spectrum 40.660 MHz – 40.690 MHz to private radio stations for individual training, technical messaging and studies, used by radio amateurs has been published on the BIPT website.

The BIPT Council decides to allow the holders of a class A operating certificate (HAREC) to use the frequency spectrum 40.660 MHz - 40.690 MHz under the following conditions:

1. An individual authorization, an annex to the station licence from BIPT is required;
2. The status of the amateur service is as a secondary user;
3. The authorization is valid for one calendar year and can be renewed annually;
4. The radiated power is limited to 5 W ERP;
5. The transmission modes are restricted to A1A, F3E, J2D, J2B and J3E;
6. The authorization can be withdrawn by BIPT at any time;
7. The holder shall keep a logbook stating the date, the start and end time in UTC, the call sign of the station worked, the used frequency, the transmission mode and power;
8. At the end of each year, the holder must submit his logbook to BIPT.

-Red.

Congrès UBA 2023

De Kongress vun der UBA ass *en quelque sorte* daat waat bei eis d'Generalversammlung ass.

Den OM Jacques ON500 schreiw eis:

UBA congrès 2023

Cette année le Congrès UBA, organisé par la section de CRD, s'est déroulé auprès de l'aérodrome de Namur, à Temploux. Un Congrès comme on les aime, dans le calme, le beau temps, un cadre magnifique et une organisation de haut niveau! La section de CRD, sous l'égide de notre Raymond ON4DG, CM de la section a géré la situation de main de maître!



La participation était exceptionnelle: plus de 145 inscrits, sans compter les accompagnants, de mémoire d'administrateurs, je ne me souviens pas d'un tel succès! Bref, le bon choix, le bon moment, le beau cadre et la bonne équipe!

Nous avons accueilli comme d'habitude des invités de marque, Sylvain Azarian

F4GKR, le président de l'IARU Région 1, Guido van den Berg PA0GMM, le vice-président du VERON et Mich Friederich LX1KQ, le président des Radioamateurs du Luxembourg (RL) ainsi que des membres de l'IBPT, dont Mr. Michel Van Bellinghen, Président du Conseil de l'IBPT.

